# Generalversammlung

## Grouss Scheckiwwerreechung bei de Fraen a Mammen Schieren



**Schieren.** Wéi all Joer hunn sech d'Membere vun de Fraen a Mammen vu Schieren fir hier Generalversammlung getraff. D'Presidentin Henriette Mathias-Lutgen konnt vill Memberen, de Buergermeeschter mat Vertrieder vum Schäffen- a Gemengerot esou wéi d'Vertrieder vun de lokale Veräiner begréissen, an och d'Vertrieder vu verschiddenen Associatiounen.

No hire Wëllkommsgréiss a Wierder vu Merci vun der Presidentin un de Comité fir hiert Engagement a fir Alles wat am leschte Joer geleescht gouf, ass och un di verstuerwe Membere vun der Sektioun geduecht ginn. Den Tätegkeetsbericht war wéi ëmmer, ganz ausféierlech an huet bewisen, dat déi Schierener Sektioun bei villen Aktivitéiten iwwert dat ganzt Joer gefuerdert war. Dorënner waren ënnert anerem: eng grouss Kaffisstuff, Eisekuche baken am Cactus, Ausfluch op Falkenburg a Maastricht, Chrëschtfeier fir d'Memberen. Vum 3. bis den 20. Dezember goufe vill Kichelcher gebak, fir duerno ze verkafen. De 24. Dezember gouf nom Chrëscht-Mëtten e gudde Glühwäin offréiert.

Aus dem Keesseberichtgoung ervir, dass déi finanziell Situatioun gesond ass. Déi vill Méi war net ouni Resultat. Sou konnten d'Fraen a Mammen vu Schieren och dëst Joer nees e puer Schecke fir zesummen 12 000 Euro fir de gudden Zweck stëften. D'Keesserevisoren hunn d'Exaktheet vun der Comptabilitéit confirméiert.

Bis elo haten d'Fraen a Mammen Schieren nach keng eege Statuten. Fir awer vis-à-vis vum neie Gesetz vun der asbl. konform ze sinn, goufe Statuten opgesat, déi dunn an der Generalversammlung vun de Memberen eestëmmeg ugeholl goufen.

No der Usprooch vum Buergermeeschter Jean-Paul Zeimes, deen de Merci vun der Gemeng ausgedréckt huet fir d'Engagement vum Veräin, an d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng ugebueden huet, huet d'Dekanats-Vizepresidentin déi gutt Zesummenaarbecht ënnert den Nopesch-Veräiner begréisst a betount, dass et wichteg ass, een deem aneren ze hëllefen an ze ënnerstëtzen. Och huet Pastoralreferentin Véronique Feller e grousse Merci am Numm vun der Pastoralequipe vun der Par Ettelbréck ausgedréckt.

Duerno konnten d'Vertrieder vun de siwen Associatiounen déi en Don kruten, hier Organisatioune kuerz virstellen, wou si erkläert hunn, wat elo mat mat de Spende geschitt. Dës waren: d'Stëmm vun der Strooss (1 000 Euro), Wonschstär (1 000 Euro), Oeuvres de St. Vincent de Paul (1 000 Euro), Alan maladies rares (2 000 Euro), Sourire pour Haïti (2 000 Euro), Brasilux (2 000 Euro) an APEMH (3 000 Euro).

Bei engem gemittlechen Zesummesinn ass den Owend mat engem gudde Patt a gudde Maufel ausgeklongen.

*Monique Ley via mywort*

Lux. Wort, 10.05.24